N° 7666
Entrée le 31.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Gemeinsam Äntwert vum Kommunikatiouns a Medieminister, Xavier BETTEL a vum Wirtschaftsminister, Franz FAYOT, op d'parlamentaresch Fro n° 7666 vum 24. Februar 2023 vun der honorabler Deputéierten Madamm Francine Closener an vun der honorabler Deputéierten Madamm Lydia Mutsch.**

Fir d'Regierung ass et wichteg, dass souwuel d'privat Stéit wi och d'Entreprisen eng zukunftsfäeg Connectivitéit zur Verfügung hunn, déi dem Standard vun den 'Very High Capacity Networks' (VHCN), also eng Vitesse vun 1 Gbps, erfëllen. Nieft der Glasfaser gehéieren och de Koaxreseau (DOCSIS 3.x) an 5G fixed wireless Access (FWA) zu den Technologien, déi d'VHCN Ufuerderungen (Vitesse vun 1 Gbps) erfëllen. Laut de leschten Zuelen aus dem ILR sengem Rapport statistique[1] hu bal 96% vum Land e VHCN Uschloss - entweder iwwer Glasfaser oder iwwer Koax – oder esouguer déi zwee. Den Detail zum Ausbau vun deenen verschiddenen Technologien fir Reseauen mat ultra-haut débit sinn op der Basis vum ILR sengen Donnéeën pro Regioun an Gemeng um Geoportail[2] disponibel.

Wat den Deploiement vun der Glasfaser ubelaangt, ginn et zwou Kennzuelen: *homes connected* an *homes passed*. Bei h*omes passed* gëtt gekuckt op Glasfaser an der Strooss verluecht ass, an domat en Haushalt an der Strooss am Prinzip kéint ugeschloss ginn. Esou deckt POST praktesch 100% of, dat heescht all Uertschaften am Land si mat der Glasfaser verbonnen. Bei *homes connected*, gëtt bei all Gebai gekuckt, op et e Glasfaseruschloss huet. Do huet POST Lëtzebuerg wëlles, bis Enn 2025 90%, a bis 2030 bal 100% Couverture ze erreechen.

An der Regierung hirer "Stratégie ultra-haut débit" vun 2021 sinn déi 5 wichtegst Ziler, wat d'Connectivitéit ugeet, resüméiert. Nieft der Disponibilitéit vun héich performanten Uschlëss ass et och wichteg, dass d'Konsumenten vun de Virdeeler vun dësen neien Technologien tatsächlech profitéieren. Dofir sinn déi éischt Objektiver vun der Regierung hirer Strategie, dass all Stot – onofhängeg vun der finanzieller Situatioun oder vun aneren, zBsp geografeschen, Contrainten – bis 2025 mol sécher un e Reseau mat Minimum 100 Mbps ugeschloss gett.

Een anert Objectiv vun der Strategie gesäit vir, dass och den Ausbau vun VHCN Reseauen weider acceleréiert gëtt. Aktuell si schonn all Verdeelerpunkten (points of presence - POP) zu Lëtzebuerg un eng Glasfaser Backbone ugeschloss. Fir dass all Haus , Büro oder Appartement un e VHCN Reseau ugeschloss ka ginn, mussen awer weider Investitiounen an Infrastrukturaarbechten an enker Ofstëmmung mat de Gemengen, mat den Ponts&Chaussées a mat de Reseausbedreiwer vu Waasser, Gas an Elektreschem ausgeféiert ginn an deenen Regiounen oder op Plaatzen, déi technesch schwéier ze erreechen sinn oder wou den Uschloss immens deier gëtt. Hei spillt och den 'cablage vertical', also besonnesch d'Verkabelung innerhalb vun de Co-Proprietéiten / vun Appartementshaiser eng wichteg Roll. Och sinn Autorisatiounen oder Koordinatioun vun Chantieren een Aspekt, deen an der Strategie adresséiert gëtt.

[1] Rapport statistique ILR : https://assets.ilr.lu/telecom/Documents/ILRLU-1461723625-916.pdf
[2] Relevé géographique du déploiement des réseaux : https://web.ilr.lu/FR/Particuliers/Communications-electroniques/Releve-geographique-du-deploiement-des-reseaux

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015
info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Wat d'Entreprisen ugeet, do sinn haut bal 100% vun den Entreprisen un de Glasfaserreseau ugeschloss; et gi just e puer Fäll, an deenen déi néideg Geneemegungen fir d'Aarbechten nach net erdeelt gi sinn.

En ligne mat den Ziler vun der EU Kommissioun soll all privaten Stot an Entreprise bis spéitsdens 2030 direkt un en héchst performanten Reseau ugeschloss kennen ginn, deen 1 Gbps oder méi erreecht.

Lëtzebuerg, den 28. März 2023

De Kommunikatiouns – a Medieminister

(s.) Xavier Bettel

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015

info@mediacom.public.lu

www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu